**Evangelium vum 4. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)**

**Mt 5,1-12a**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

1 Wéi de Jesus déi vill Leit gesinn huet, déi him nogaang sinn, ass hien de Bierg eropgaang. Hien huet sech gesat, an seng Jünger si bei hie komm.

2 Dunn huet hien ugefaang, si ze léieren, a sot:

3 "Glécklech déi, déi net vun sech ageholl sinn[i], well fir si ass d'Himmelräich.

4 Glécklech déi, déi traureg sinn, well si gi getréischt.

5 Glécklech déi, déi duuss sinn, well si ierwen d'Land.

6 Glécklech déi, déi Honger an Duuscht hunn no Gerechtegkeet, well si gi gesiedegt.

7 Glécklech déi, déi baarmhäerzeg sinn, well si kréie Baarmhäerzegkeet geschenkt.

8 Glécklech déi, déi e rengt Häerz hunn, well si kréien den Herrgott ze gesinn.

9 Glécklech déi, déi Fridde schafen, well si gi Kanner vum Herrgott genannt.

10 Glécklech déi, déi wéinst der Gerechtegkeet verfollegt ginn, well fir si ass d'Himmelräich.

11 Glécklech sidd dir, wann si iech wéinst menger Frechheete maachen, iech verfollegen an zu Onrecht allméiglech Béises iwwer iech soen.

12a Freet iech a jubiléiert, well äre Loun ass grouss am Himmel!"

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

[i] *Wuertwiertlech: déi aarm sinn am Geescht.*